LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 26 août 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 AOUT 2019

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne: question parlementaire N° 935 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

127-000188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 26 août 2019

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 935 de Monsieur le Député Marc Goergen

Ad 1 + Ad 4)

D'Éffnungszäite fir déi non-formal Bildungsstrukture kënnen am Beräich vun de "Services d'éducation et d'accueil" (SEA) d. h. de Crèchen, de Foyer-de-jouren an de Maison-relaise laut Reglementatioun (RGD modifié du 14 novembre 2013) tëschent 5.00 Auer an 23.00 Auer festgeluecht ginn. De Gestionnaire kann seng Éffnungszäiten, jee no Besoin, an dëser Zäitspan definéieren. Datt déi non-formal Bildungsstrukture bis haut dëse méiglechen Éffnungszäiten net Rechnung droen, läit wahrscheinlech drun, datt d'Demande fir eng Betreiungsplaz viru 6:30 oder no 19:00 Auer net grouss genuch ass, fir datt et sech rentéiere géing, Strukturen opzeloossen. Verschidden Träger hunn an der Vergaangenheet dës verlängert Éffnungszäiten iwwert eng länger Period ugebueden a mangels Demanden nees agestallt.

Am Beräich vun den Dageselteren ass fir d'Betreiung iwwer Nuecht an de Weekend eng méi héich finanziell Bedeelegung wéi am Dag vum Staat via Chèque-service accueil (CSA) virgesinn. Mat der Aféierung vun dëser zousätzlecher Finanzéierung (Oktober 2017) geet d'Zuel vun de Kanner, déi no atypesche Betreiungszäiten ageschriwwe sinn, an d'Luucht.

Ad 2)

All Kand tëschent 0 an 12 Joer (oder doriwwer eraus, wann et nach am Enseignement fondamental ass), dat zu Lëtzebuerg wunnt, an all Kand, wou op d'mannst een Elterendeel zu Lëtzebuerg schafft an en EU-Bierger ass, huet Recht op den CSA.

Évolution du nombre d'enfants bénéficiaires du chèque-service accueil (CSA)

Nombre d'enfants	décembre 2017	décembre 2018	juin 2019
Enfants résidents	46 851	49 157	51 148
Enfants frontaliers	1 240	1 839	2 243
Total	**48 091**	**50 996**	**53 391**

(cf. rapport d'activité MENJE 2018)

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-20040516-FR

Am Dezember 2018 hunn 49.157 Kanner, déi zu Lëtzebuerg liewen, den CSA geltend gemaach. Laut Statec louch d'Zuel vun de Kanner tëschent 0 an 12 Joer, déi op den Datum vum 1. Januar 2019 zu Lëtzebuerg gelieft hunn, bei 85.659. Deemno hu 57% vun de Kanner Enn 2018 vum CSA profitéiert.

Ad 3)

D'Zuel vun de Kanner, déi zu Lëtzebuerg liewen a vum CSA profitéieren, ass an de leschten 30 Méint ëm ongefeier 5% pro Joer an d'Luucht gaangen. D'Zuel vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, klëmmt nach ëmmer, wat sech och um Niveau vum CSA bemierkbar mécht. Säit September 2016 kënnen och Kanner vun den Frontaliere vum CSA profitéieren. D'Zuel vun de Kanner, déi vum CSA profitéieren, geet deementspriechend iwwert déi lescht Jore progressiv erop an huet sech ëm déi 5% agependelt. Dat heescht, fir d'Joer 2020 gëtt d'Zuel vun de Kanner, déi vum CSA profitéieren, op 56.061 estiméiert a fir d'Joer 2021 op 58.864.

Ad 5)

D'Reglement betreffend den Agrement fir d'Mini-crèchen ass de 7. Januar 2019 a Kraaft getrueden. Et sinn eng Rei Demanden an der Prozedur, mee et gouf aktuell nach keen Agrement fir eng Mini-crèche ausgestallt. Hei gëllen déi nämmlecht Konditioune fir d'Ëffnungszäite wéi bei den SEA.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse